


La fête des Voisins au Luxembourg

Rien ne vous rend plus tolérant au bruit d'une soirée chez vos voisins que d'y être invité.

Franklin P. Jones



Association Luxembourgeoise
des Solidarités de Proximité a.s.b.l.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille,
de l'Intégration et
de l'Égalité Territoriale

SYVICOL
Service des Cités et
Communes luxembourgeoises

Aujourd'hui je vous parle au nom de l'Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité ALSP. Je m'appelle Norry Schneider et je travaille pour CELL asbl - Centre for Ecological Learning Luxembourg.

Merci au Gresil pour l'invitation, merci à nos partenaires, dont le Syvicol, le Ministère de la Famille, de l'Intégration et de la Grande Région ainsi que le Ministère du Logement pour leur soutien. Merci aux 46 communes qui participent cette année à la journée des voisins ! Et merci à la commune de Colmar-Berg pour son accueil chaleureux.

L'objectif premier de l'Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité est de promouvoir un bon voisinage. L'outil à notre disposition est la Fête des Voisins qui est née d'un désir de renforcer les solidarités de proximité. Inviter ses voisins à prendre un verre ou à partager un repas peut avoir un effet déclencheur. Ce geste favorise la cohésion sociale tout comme l'art de mieux vivre ensemble. Il crée de nouvelles solidarités entre des personnes qui ont appris à se connaître. Au Luxembourg, la Fête des Voisins existe depuis 2005, à l'image de l'initiative française.

L'idée est née quand un groupe d'amis lancent en 1990 une initiative dans un arrondissement parisien pour renforcer les liens de proximité et se mobiliser contre l'isolement. Y sont lancés de nombreux projets comme un service de parrainage pour les voisins en difficulté, des fêtes de Noël en famille pour les personnes seules, un service d'aide aux personnes à mobilité réduite, un autre pour la recherche d'emploi, des haltes-garderies à domicile... Rencontrant un fort succès, pour son 20ème anniversaire, la Fête des Voisins a même réuni 10 millions de participants en France et plus de 30 millions dans le monde !

Un projet sur lequel travaillent actuellement nos amis français est l'Heure Civique. L'idée est de mobiliser chaque habitant à donner une heure par mois pour une action de solidarité de proximité ou d'entraide de voisinage.

Revenons au Luxembourg. La journée a dû faire une pause forcée en 2020 et 2021 lors de la crise sanitaire. Ayant redémarré en 2022, nous avons réussi à mobiliser pas moins de 45 communes pour l'édition 2022 – nombre que nous souhaitons encore dépasser en 2023. Ainsi, nous comptons sur votre participation et soutien pour réaliser cet exploit lors de l'édition de 2023.

A cet endroit je tiens à remercier chaleureusement les fondateurs et anciennes chevilles ouvrières de l'ALSP Jean-Paul Reuter, Paul Kridel, Emmanuel Cornélius, Marianne Beissel et Madeleine Kayser et l'ensembles des autres personnes qui s'engagent au sein de leur commune pour l'inclusion sociale et qui ont contribué à porter ce projet et l'ASLP jusqu'en 2021, avant que nos trois associations ne reprennent le flambeau ! En effet, à un moment où l'ALSP était sur le point de cesser ses activités, le CELL, l'ASTI et la Maison des Associations ont décidé de reprendre les responsabilités au sein de l'ALSP pour assurer à l'avenir l'organisation du Nopeschfest au Grand-Duché.

L'organisation d'une fête des voisins, comment cela fonctionne-t-il concrètement ? Les fêtes de voisinages en tant que telles, c'est aux citoyens de les organiser, dans leur jardin, dans la rue, sur une place publique, dans un parc. On se mobilise entre voisins, en invitant le voisinage de près ou de loin à rejoindre la fête au jour J pour un repas, un drink, une petite danse. Chacun apporte à manger et à boire. On monte une tente et des tables et bancs ensemble, on fait la vaisselle ensemble comme on fête et chante ensemble.

Les habitants qui veulent organiser une fête avec leurs voisins s'inscrivent auprès de leur commune. Cette année nous avons fixé la date de la Fête des Voisins, le Nopeschfest au vendredi 26 mai 2023. Mais honnêtement ce n'est pas tellement la date précise qui compte, peut-être que vous en tant que commune avez décidé de prolonger la période durant laquelle les fêtes des voisins peuvent avoir lieu sur tout l'été, ou vous avez choisi une autre date qui convient mieux. Ou encore que vous, en tant que citoyen, citoyenne avez envie de prendre l'initiative hors date parce qu'un autre moment vous arrange mieux. L'important est que cela ait lieu, que le bon voisinage ait sa place dans la conscience de tous les jours, dans les gestes quotidiens. La page facebook que nous avons mis en place permettra d'ailleurs aussi de laisser une trace. Vous pouvez y publier les photos de la fête avec vos voisins, question de partager un bon moment avec d'autres groupes de voisins.

Pour cette année 46 communes ont rejoint l'initiative. Ce sont elles qui font la promotion auprès de leurs citoyens sur base de matériel que nous leur fournissons. Certaines communes n'ont pas officiellement rejoint l'initiative parce qu'elles ont déjà un événement de prévu qui va dans le même sens. C'est bien aussi. Mais soyons conscients quand même que la campagne publicitaire nationale que nous réitérons tous les ans dans les médias et sur les réseaux sociaux n'est pas gratuite. L'impression des bannières et des cartons d'invitation et toute autre soutien coûte de l'argent. Voilà pourquoi nous sommes forcés de demander une humble contribution à toutes les communes et voilà aussi pourquoi nous nous permettons d'appeler à votre solidarité en vous invitant à rejoindre officiellement la campagne et à contribuer solidairement avec toutes les autres communes au financement du Nopeschfest.

Vous me direz que l'organisation d'une fête une fois par an n'est pas suffisant, que c'est symboliquement chouette, mais que pour autant il y a beaucoup d'autres défis à confronter : justement les gestes quotidiens qui manquent cruellement dans nos vies, l'isolement, des tensions sociales, une cohésion qui a du mal à prendre forme dans beaucoup de quartiers et de villages, d'une société qui manque de valeurs, de langage pour se parler, de lieux de rencontre, d'estime de l'un de l'autre etc. Vous avez raison, pour l'Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité que je représente aujourd'hui le « Bien vivre ensemble » doit inclure plus d'ambitions. Et il commence par de bonnes relations de voisinage. Il commence par des gestes simples et faciles au quotidien qui permettent de renforcer la cohésion sociale et la solidarité entre voisins. Des gestes de politesse, de solidarité, de célébration... et de respect de la vie privée de chacun, chacune. Un bonjour, un sourire, un échange, une discussion calme en cas de différend. voire même un dépannage, vous faites un gâteau et vous rendez compte que vous n'avez plus de sucre à la maison ou que vous manquez d'une perceuse pour accrochez qqch au mur, vous proposez à vos voisins de vider leur boîte à lettres, d'arroser les plantes, et de nourrir le chat pendant leur absence. Vous faites des courses pour une personne âgée.

Je ne vous apprend rien de nouveau, vous avez sans doute une multitude d'exemples et d'histoires à partager de votre voisinage. Des histoires qui motivent d'autres à en faire autant. Des idées et expériences concrètes, des initiatives réelles qui rencontrent du succès, surtout après la crise sanitaire, le besoin s'est fait sentir de se retrouver – autour d'un verre, dans un jardin communautaire, pour un match de foot entre voisins, lors d'un repair café, sur un marché, ou dans tiers lieu où les citoyens et citoyennes se retrouvent pour tout type d'activité de bon voisinage, et ceci à chaque moment de l'année...

Depuis quelque temps des communes ont lancé l'utilisation de l'application Hoplr, une plateforme dédiée à la communication entre les résidents d'un même quartier. L'objectif de ce projet est ainsi de permettre aux habitants d'un même voisinage de s'échanger, de mieux se connaître et de faciliter le contact et de mettre les relations de soutien à proximité en pratique.

Une chose est claire : la base pour une société résiliente, qui pourra faire face aux grands défis de notre ère dont les inégalités sociales, le changement climatique, le mal-être etc. c'est un bon voisinage.

N'oublions donc pas qu'après tout, un bon voisinage, c'est simple comme bonjour !

Nopeschfest zu Lëtzebuerg

Et gëtt näischt wat iech méi tolerant mécht zum Kaméidi vun engem Fest bei ären Noperen wéi selwer agelueden ze sinn.

Franklin P. Jones

Haut schwätzen ech am Numm vun der Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité ALSP, also deen Veräin deen d'Nopeschfest zu Lëtzebuerg dréit. Mäin Numm ass Norry Schneider an ech schaffen fir CELL asbl - Centre for Ecological Learning Luxembourg.

Ech wéilt dem Gresil Merci soen fir d'Aluedung, Merci eise Partner, dorënner den Syvicol, dem Familljeministère an dem Logementsministère fir hier Ënnerstëtzung. Merci un di 46 Gemengen, di sech dëst Joer um Nopeschfest bedeelegen! A Merci och un d'Gemeng Colmer-Bierg fir hiren häerzlechen Empfang.

D'Haaptzil vun der Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité ass d'Promotioun vun enger gudder Noperschaft. Dofir hunn mir d'Nopeschfest (Fête des Voisins), dat aus dem Wonsch eraus entstanen ass, d'Solidaritéit tëscht Noperen ze stäerken. Wann een seng Noperen op e Patt oder en gemeinsaamt lessen aluet, kann dat e groussen Impakt hunn. Dëse Geste férdert den sozialen Zesammenhalt an och d'Konscht besser zesammen eens ze ginn. Se schaaft nei Solidaritéitsformen tëscht Mënschen, di sech kennegeleiert hunn. Zu Lëtzebuerg gëtt et d'Nopeschfest nom Virbild vun der franséischer Initiativ säit 2005.

D'Iddi ass entstanen wéi e Grupp Kolleegen 1990 an engem Quartier vu Paräis en Initiativ gestart huet fir noperschaftlech Bezéiungen ze stäerken an sech géint d'Isolatioun ze mobiliséieren. Do sinn eng ganz Rei vun Projeten entstanen wéi de Parrainage vu Noperen di an Schwierigkeeten sinn, Familljefester op Chrëschttag fir Leit di alleng sinn, en Hëllefprogramm fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit, Leit di op der Sich no Aarbecht sinn, Crèchen doheem asw.. D'Nopeschfest ass e groussen Erfolleg: um 20ten Gebuertsdag vun der Journée des voisins hunn a Frankräich 10 Milliounen a weltwäit iwwert 30 Milliounen Mënschen deelgeholl!

E Projet op deem eis franséisch Frënn am Moment schaffen ass d'“Heure civique“. D'Iddi dohannert ass all Awunner ze mobiliséieren, eng Stonn pro Mount fir eng Solidaritéitsaktioun an der Noperschaft oder an der Noperschaftshëllef ze spenden.

Kommen mer zeréck op Lëtzebuerg. D'Journée huet wéinst der sanitärer Kris missen 2020 an 2021 eng Zwangspaus aleeën. No engem Neistart 2022 ass et eis gelongen, net manner wéi 45 Gemengen ze mobiliséieren – eng Zuel di mer 2023 nach wëllen iwwertreffen. Mir zielen op äert Matmaachen an op är Ënnerstëtzung, fir dat Ziel an der Editioun 2023 ze erreechen.

Ech wéilt op dëser Plaz den Grënner vun der ALSP Jean-Paul Reuter, Paul Kridel, Emmanuel Cornélius, Marianne Beissel an Madeleine Kayser esou wéi allen aneren Persounen Merci soen, di sech an hiren Gemengen fir d'sozial Inclusioun asetzen an dozou bäigedroen hunn, dëse Projet an d'ALSP bis 2021 ze droen, éier di dräi Veräiner d'Fakel iwwerholl hunn! Well zu deem Zäitpunkt, wéi d'ALSP kuerz dofir stoung opzehalen, hunn CELL, d'ASTI an d'Maison des Associations, zesammen entscheet d'Verantwortung z'iwwerhuelen fir d'Zukunft vun der Organisatioun vum Nopeschfest zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

D'Organisatioun vun engem Nopeschfest, wéi funktionéiert dat konkret? D'Nopeschfester un sech mussen d'Birger selwer organiséieren, an hirem Gaart, op der Strooss, op enger efenllechter Plaz, am Park. Et gëtt mobiliséiert ënnert Noperen, andeems een di direkt an di mi wäitleefeg Noperschaft aluet, sech um Dag X dem Fest unzeschléissen, fir eppes z'iessen, ze drénken oder ze danzen. Jiddereen bréngt eppes mat fir z'iessen an ze drénken. Zesammen ginn Zelter, Dëscher an Bänken opgebaut, et gëtt zesammen gespullt, an gëtt zesammen gefeiert an gesongen.

Awunner di e Fest mat hiren Noperen organiséieren wëllen, mellen sech bei hirer Gemeng un. Dëst Joer hu mer den Datum fir d'Nopeschfest op Freides, den 26. Mee 2023 festgeluecht.

Awer éierlech gesot kennt et net esou genau op den genauen Datum un. Villäicht huet d'Gemeng beschloss, den Zäitraum, an deem d'Nopeschfester solle stattfannen kënnen, op de ganze Summer auszedeenen, oder Dir hutt en aneren Datum erausgesicht dee besser passt. Oder Dir als Biergerin oder Bierger hutt Loscht, d'Initiativ ausserhalb vum Datum ze huelen, well Iech en aneren Zäitpunkt besser passt. Wichteg ass, dass et stattfindend, dass di gutt Noperschaft hier Platz am Alldagsbewosstsinn un an den dagdeeglechen Gesten huet. D'Facebook-Säit, di mir ageriicht hunn, erlaabt et eng Spuer ze hannerloossen. Do kennt dir Fotoen vun Iech mat ären Noperen ze verëffentlechen, fir di flott Momenter mat aner Noperschaftsgruppen ze deelen.

Dëst Joer maachen bis elo 46 Gemengen mat. Et sinn si, di bei de Bierger Reklamm maachen, opgrond vun Material dat mir Iech zur Verfügung stellen. E puer Gemengen sinn net offiziell bäigetrueden well se schonn eng Veranstaltung geplangt hunn, di an di selwecht Richtung geet. Dat ass och an der Rei. An trotzdeem soll eis bewosst sinn, dass di national Informatiounscampagne, di mir all Joer an den Medien an op den sozialen Reseauen widderhuelen, net gratis ass. Den Drock vun de Banneren an Invitatiounskarten an aller aner Ennerstetzung kascht säi Geld. Dofir musse mer Iech als Gemengen e bescheidenen Beitrag froen, an dofir erlaben mer eis en Appell un är Solidaritéit ze maachen, andeems mer Iech alueden, der Campagne offiziell bäizetrieden an solidaresch mat allen aneren Gemengen zum Finanzement vum Nopeschfest bäizedroen.

Dir sot mir elo, dass et net duer geet eemol am Joer en Fest z'organiséieren obwuel dat symbolesch flott ass, ginn et eng jett Erausforderungen di mer dringend ugoen mussen: eben grad di Alldags-Gesten, di an eisem Liewen oft schmärerhaft feelen, Isolatioun, sozial Spannungen, den Zesummenhalt deen a villen Quartieren an Dierfer schwéier an d'Gäng kennt, eng Gesellschaft där et u Wäerter feelt, un enger Sprooch an där mer eis verstännegen kennen, u Plazen fir sech ze treffen, u géigesäiteger Wäertschätzung asw. Dir hutt Recht, fir d'Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité, di ech haut vertrieden, muss ee gutt Zesummeliewen méi wäit goen. An dat geet mat gudden Noperschaftbezieungen un. Et läit bei einfachen Gesten aus dem Alldag di den sozialen Zesummenhalt a d'Solidaritéit téschent Noperen stäerken. Gesten vun Héiflechkeet, Solidaritéit, Feieren... a Respekt virum Privatiewen vu jidderengem. E Moien, en Lächelen, en Austausch, eng Diskussioun an aller Rou wann et mol eng Meenungsverschiddenheet gëtt. Villäicht esouguer e klengen Depannage, dir baakt e Kuch an stellt fest dass dir keen Zocker méi am Haus hutt oder dass der eng Buermaschinn braucht fir eppes opzehänken. Dir bitt ärem Noper un seng Bréifkëscht eidel ze maachen, seng Planzen ze netzen an seng Katz ze fidderen wann en puer Deeg fort ass. Dir gitt fir eng eeler Persoun akafen.

Ech erzielen Iech hei näischt Neies, dir hutt bestëmmt eng Rei vun Beispiller an Geschichten aus ärer Noperschaft, di Dir zum Beschten kennt ginn. Geschichten di anerer motivéieren dat selwecht ze maachen. Konkret Iddien an Erfarungen, reell Initiativen di Erfolleg hunn, virun allem no der sanitärer Kris ass den Besoin sech erëmgesinn staark spierbar ginn - bei engem Patt, an engem Gemeinschaftsgaart, bei engem Fussballmatch téscht Noperen, bei engem Repair Café, op engem Maart oder an engem Tiers Lieu, wou sech Biergerinnen an Bierg fir all méiglech Aart vu Noperschaftsaktivitéit treffe kennen, an dat wann se wëllen all Dag vum Joer...

Seid kuerzem hunn eng Rei Gemengen d'Applikatioun Hoplr agefouert, eng Plattform di zum Zweck huet d'Kommunikatioun téscht Awunner aus engem Quartier ze fërderen. Ziel ass et den Leit aus enger Noperschaft ze erméiglechen sech auszetauschen, sech besser kennen ze léieren, de Kontakt mi einfach ze maachen an Noperschaftshëllef an d'Praxis ëmzesetzen.

Ma eppes ass kloer: d'Basis fir eng reilient Gesellschaft, di sech den groussen Erausforderungen vun eiser Zäit ka stellen, wéi sozial Ongläichheet, Klimawandel, Mal être a villes méi ass eng gutt Noperschaft.

Dofir vergiesse mer schliisslech net, un sech, eng gutt Noperschaft ass einfach wéi Bonjour!